éischten Deel vun deem Saz ze vergiessen an ze probéieren deen zweten ze liewen.

# Et war mol nët en Timber wäert...

**De folgenden Beitrag konnt an der leschter Nummer aus technesche Grënn nët bruecht gin. Leider as e weiderhin aktuell.**

Viru méi wéi sechs Méint hat d'Por Nidderaanwen-Sennéng-Sennéngerbierg dem Här Fernand Franck, Bëschof vu Lëtzebuerg, e Bréif geschriwwen, fir Hien op e Gespréich anzelueden. Bis haut as dorop nach ëmmer keng Äntwert komm, obschon nach zwee Bréiwer an de Bistum geschéckt gi sin, an obschon den Här Bëschof bei verschiddene Geleënheten d'Wichtegkeet vum Dialog ënnersträicht a séng Beräetschaft dozou erkläert!? Och den Här Schiltz, deen den 20. Juni 1991 fir e Gespréich mam Porrot zu Nidderaanwen war, an deen nach eng Kéier de Wonsch zu deem Gespréich dem Här Bëschof sollt virbréngen, schéngt also näischt erreecht ze hun.

Vum 1. September un as den Här Weirig als Paschtouer fir d'Por zoustänneg an dat nieft séngen verschiddenen aneren Haaptbeschäftegungen.

Am Bréif vum 27. Abrëll 1991 stong: "Mir hun eng ganz Rei Froen, iwer déi mir mat Iech gäre géngen diskutéieren, a mir wollten Iech froen, ob Dir bereet wäert, ob Nidderaanwen ze kommen fir mat eis

doriwer ze schwätzen. Och wann eis Positiounen a verschidde Froen vläecht nët an Är Opfaassung passen, geet et eis drëm, iwwert d'Ursaachen an d'Problemer ze schwätzen, déi zu dëse Positioune geféiert hun. Mir sin op alle Fall net d'accord, dass all dës Froen elo ënnert den Dësch gekiirt gin, well domat sin se nët geléist."

A genau dat as geschitt, an zwar war dat Gespréich nët nëmme mam Här Bëschof nët méiglech, mä och den Här Weirig huet wéint sénge ville Beschäftegunge keng Zäit dofir. Et gesäit zwar esou aus, wéi wa villes beim Ale bliwwe wär, mä wann emol keng Zäit as, fir sech driwwer Gedanken ze maachen, wat derhanner stécht oder fir wat et zu anere Forme komm as, dann as et jhust e Weiderféire vu Formen. An dobei sin et nët d'Formen u sech, déi wichteg sin, mä dat wat si wëllen ausdrécken.

An der Por huet d'Decisioun vum Här Franck an haaptsächlech déi Maneier fir nët op d'Bréiwer ze äntweren, verschidde Reaktiounen ervirgeruff; déi eng hun direkt d'Konsequenze gezun, anerer hun nach probéiert,weiderzefueren, mä hun an der Zwëschenzäit resignéiert a méi Couragéierter sin nach am Asatz. Bei enger Parti Leit, déi an dene leschte Jore méi oder manner aktiv matgeschafft hun, mecht sech eng gewëss Flemm oder Resignatioun bemierkbar. Et erënnert mech un déi Spillsaachen, déi mir als Kanner haten an déi ee mat engem Schlëssel opgezun huet; wann een zevill fest gedréit huet, as d'Fieder gesprongen, an dat war nët réckgängeg ze maachen.

An eiser Konsumgesellschaft geet et ëm Profit a Geld, a wien an dene Kategorien nët matmësche kann, dee bleift op der Streck. Laut Journalisten wär dat an Europa een Drëttel vun de Leit. De Mënsch zielt nët vu sénger Perséinlechkeet hir, mä je nodeem wivill Geld en huet oder wivill Profit e brénge kann. D'Chrëschtentum betount awer ganz aner Idealer, a Christus huet sech besonnesch ëm déi Mënsche bekëmmert, déi a sénger Zäit zu dene Veruechtene a Verstoussene vun der Gesellschaft gehéiert hun. Hien huet sech Zäit fir si geholl an hinne gewisen, dass si als Mënsch wichteg sin. Chrëscht sin heescht also, géint d'Idealer vun eiser Gesellschaft probéieren ze liewen.

"forum" Nr.127 hat als Titel: **Katholiksein ist nicht schwer - Christsein dagegen sehr.** Wann een europawäit a weltwäit gesäit, wat vu Roum ënnerholl gët fir déi Fënsteren, déi d'zweet vatikanescht Konzil opgemaach hat, erëm zouzemaachen, ( Bëschofsernennungen zu Chur, Namur, St Pölten, Brasilien... asw. géint de Wonsch vun der Diözes, Entzug vun der Lehrerlaubnis beim E.Drewermann, Demissioun vum L. Boff als Direkter vun der Zeitung Voces,...), läit d'Fro no, ob et nët besser as, deen éischten Deel vun deem Saz ze vergiessen an ze probéieren deen zweten ze liewen.

**josée 11. November 1991**